adr

*ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI*

Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
17 OCT. 2019
1352

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Immigratiounsminister weiderzeleeden.

An engem Artikel vum 16. Oktober 2019, deen op der Spaweckssäit vum Radio 100,7 publizéiert gouf, geet Rieds iwwer Kritike vum Verwaltungsgeriicht um Här Minister fir Immigratioun an Asyl, Jean Asselborn.

Den Här President vum Verwaltungsgeriicht schwätzt vun „engem Malaise um Verwaltungsgeriicht" a warnt viru weidere Verschlechterungen. An néng Joer wiere siwe Riichter fräiwëlleg gaangen. Dëse Malaise géif duerch d'Behuele vu verschiddene Membere vun der Regierung verschlëmmert ginn, sou de President a sengem leschte *Rapport d'activité*. Hien ernimmt explizit den Här Immigratiounsminister Jean Asselborn, dee sech dacks mat der Souveränitéitsklausel iwwer d'Uerteeler vun de Riichter an iwwert d'Decisioune vu senger eegener Verwaltung géif ewech setzen. An dat op Basis vun der Interventioun vun enger Associatioun, déi sech fir Flüchtlingen asetzt.

*„Ainsi, il est arrivé à plusieurs reprises que le ministre de l'Immigration et l'Asile revienne après le prononcé par le tribunal administratif d'une ordonnance ou d'un jugement avalisant la décision prise par ses services sur cette même décision, et ce apparemment suite à l'intervention d'une association, association qui ne se prive pas d'affirmer publiquement qu'il serait de son devoir d'empêcher l'exécution des décisions de justice afin de sauver la vie des personnes concernées. Une telle façon de procéder témoigne d'un déni des principes essentiels de l'Etat de droit, tandis que le soutien avéré du ministre à cette association n'est pas sans susciter auprès des magistrats concernés des interrogations quant à la valeur et l'utilité de leur travail."*

Déi sougenannte „Souveränitéitsklausel" wär dëst Joer schonn 90 Mol genotzt ginn. D'Dublin-Reglement gesäit vir, datt e Land, Fall fir Fall, kann eng Souveränitéitsklausel uwenden. Dat heescht, datt den zoustännege Minister kann decidéieren, ob e Flüchtling am "Dublin"-Regimm Asyl kritt oder net. De System gesäit am Normalfall vir, datt dat Land responsabel ass, an deem de Flüchtling seng éischt Demande gemaach huet. Kloer Kritäre, wéini eng Persoun en humanitäre Fall ass, géifen et hei am Land allerdéngs keng ginn.

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel.: (+ 352) 463742**

Opgrond vun dësem Artikel wéilt ech dem Här Minister fir Immigratioun an Asyl dës Froe stellen:

1. Wéi vill mol huet den Här Minister sech zënter 2013 a pro Joer an Immigratiouns- an Asylfroe schonn iwwert Decisioune vu senger eegener Verwaltung, respektiv vum Verwaltungsgeriicht ewech gesat an an eegener Appreciatioun eng aner Decisioun geholl? Wéi vill Persoune ware vun deenen Decisioune concernéiert? Wéi eng rechtlech Basis huet den Här Minister fir dës Decisioune gewielt?
2. Wéi vill Persounen, déi vun esou Decisioune profitéiert hunn, sinn haut nach hei am Land? Aus wéi engen Ursaachen huet den Här Minister esou Decisioune geholl a fir wéi eng Zäitdauer?
3. Gesäit den Här Minister a sengem Verhalen, dat vum President vum Verwaltungsgeriicht kritiséiert gëtt, eng Mëssuechtung vum Rechtsstaat?
4. Wéi beuerteelt den Här Minister de Fakt, datt säi Verhale schéngt zu enger Demotivatioun vun deene betraffene Riichter ze féieren?
5. Wéi beuerteelt den Här Minister déi Ausso, datt eng ONG, déi sech dofir asetzt, datt Geriichtsuerteeler net exekutéiert ginn, op seng Decisioune groussen Afloss hätt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

Luxembourg, le 5 novembre 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 NOV. 2019

Le Ministre de l'Immigration et de l'Asile
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Je vous prie de bien vouloir trouver en annexe, la réponse de Monsieur le Ministre de l'Immigration et de l'Asile à la question parlementaire n° 1352 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
06 NOV. 2019

**Äntwert vum Här Jean Asselborn, Minister fir Immigratioun an Asyl, op d'parlamentaresch Fro Nummer 1352, vum 17. Oktober 2019, vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

Am Viraus sief ugemierkt, dass laut der sougenannter Souveränitéitsklausel, dem Artikel 17 vum Dublin III Reglement vum 26. Juni 2013, e Memberstaat entscheede kann eng Ufro op internationale Schutz ze préiwen, wann dëst nach net vun engem anere Memberstaat gemaach gouf, och wann dës Iwwerpréiwung, laut de Critère vum Reglement, net senger Verantwortung ënnerläit. D'Uwennung vum Artikel 17 kann zu all Moment erfollegen.

Wann e Memberstaat op den Artikel 17 zréckgräift, bedeit dëst net, dass déi betraffe Persoun automatesch e Recht op internationale Schutz huet.

1) *Wéi vill mol huet den Här Minister sech zënter 2013 a pro Joer an Immigratiouns- an Asylfroe schonn iwwert Decisioune vun senger eegener Verwaltung, respektiv vum Verwaltungsgeriicht ewech gesat an an eegener Appreciatioun eng aner Decisioun geholl? Wéi vill Persoune ware vun deenen Decisioune concernéiert? Wéi eng rechtlech Basis huet den Här Minister fir dës Decisioune gewielt?*
2) *Wéi vill Persounen, déi vun esou Decisioune profitéiert hunn, sinn haut nach hei am Land? Aus wéi engen Ursaachen huet den Här Minister esou Decisioune geholl a fir wéi eng Zäitdauer?*

Et sief ugemierkt, dass d'Direction de l'immigration, déi fir Décisiounen am Beräich vun der Immigratioun an dem Asyl zoustänneg ass, dem Ausseminister, Minister fir Immigratioun an Asyl ënnerstallt ass, an doduerch all Décisioun am Numm vum Minister geholl gëtt.

Vu datt esou all Décisiounen vum Minister geholl ginn, ass et statistesch net ze erfaassen wéi wäit de Minister perséinlech an engem Dossier implizéiert war.

Als Basis fir déi ugedeiten Décisioune gëtt allgemeng op den Artikel 17 vum Dublin III Reglement zréck gegraff. Bei deene wéinegen Décisioune stounge virun allem humanitär, wéi zum Beispill héich vulnérabel Persounen, a familiär Grënn am Virdergrond.

3) *Geséit den Här Minister a sengem Verhalen, dat vum President vum Verwaltungsgeriicht kritiséiert gëtt, eng Mëssuechtung vum Rechtsstaat?*

Nee.

4) *Wéi beuerteelt den Här Minister de Fakt, datt säi Verhale schéngt zu enger Demotivatioun vun deene betraffene Riichter ze féieren?*

De Minister fir Immigratioun an Asyl kann sech net iwwert eng Korrelatioun tëschent enger eventueller Demotivatioun vu Riichter an Décisioune vum Minister an enger staark limitéierter Unzuel un Dossieren ausdrécken.

5) *Wéi beuerteelt den Här Minister déi Ausso, datt eng ONG, déi sech dofir asetzt, datt Geriichtsuerteeler net exekutéiert ginn, op seng Decisioune groussen Afloss hätt?*

De Minister fir Immigratioun an Asyl probéiert ëmmer en oppent Ouer an dat néideg Versteesdemech fir all d'Acteuren um Terrain ze hunn. Allerdéngs bedeit dëst net, dass de Minister Aussoe wéi déi, dass Geriichtsuerteeler net exekutéiert solle ginn oder dass den Dublin System misst ofgeschaaft ginn, ënnerstëtzt.